N°3115
Entrée le 28.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.10.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 27. Oktober 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d' Madamm Justizministesch weiderzeleeden:

*„Aus der Äntwert op eng rezent parlamentaresch Fro ass ervirgaang, dass ronn 60%, souwuel vun den Associatiounen ouni Gewënnzweck, wéi och vun de Fondatiounen hir Statuten net zum Stéchdatum vum 24. September 2025 ugepasst hunn.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Justizministesch follgend Froe stellen:*

- *Wat sinn aus der Siicht vun der Madamm Ministesch déi verschidden Ursaache firwat esou vill Veräiner hir Statuten net konform zum Gesetz konnte setzen? Läit dat eventuell och drun, dass d'Vertrieder vun de Veräiner sech mat deenen digitalen Instrumenter schwéier dinn?*
- *Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass den Accès zu den digitale Regëster muss weider vereinfacht ginn?*
- *Gëtt iwwerpréift, ob d'Texter vun den neie Statuten och tatsächlech d'Gesetz vun 2023 respektéieren? Wäerten et do Stéchprouwe ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu